N°518
Entrée le 22.03.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 25.03.2024

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/03/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Aarbecht & Justiz weiderzeleeden.**

Schwanger Fraen hunn e Kënnegungsschutz, deen och gëlteg ass, wa si d'Schwangerschaft dem Employeur nach net matgedeelt hunn. Kritt eng schwanger Fra gekënnegt, éier si hirem Employeur d'Schwangerschaft matdeele konnt, huet si 8 Deeg Zäit, fir d'Schwangerschaft vun engem Dokter zertifiéieren ze loossen. De Patron muss d'Kënnegung dann zeréck zéien. Geschitt dat net, huet d'Fra 15 Deeg Zäit, fir d'Ophiewung vun der Kënnegung beim Aarbeschtsgericht unzefroen oder 3 Méint Zäit fir eng action judiciaire en licenciement abusif ze maachen.

Leider kënnt et ëmmer nees vir, dass Fraen hier Rechter an dësem Beräich awer net kennen a mengen, dass de Kënnegungsschutz eréischt ab deem Moment gëllt, wou een dem Patron d'Schwangerschaft matgedeelt huet. Si akzeptéieren d'Kënnegung dann a verléieren domat och d'Urecht op d'Remuneratioun aus dem Congé de maternité an dem éischte Congé parental. Dat kann zu extreme finanziellen Engpäss feieren an och dozou, dass d'Mamm ganz frei no der Gebuert vun hirem Kand nees schaffe geet, fir iwwert d'Ronnen ze kommen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ass de Ministère sech dem genannte Problem bewosst a ginn et Pläng, fir konkret Zuelen ze erhiewen, fir de geneeën Ëmfang vum Problem besser aschätzen ze kënnen?

2. Plangt de Ministère Campagnen, fir schwanger Aarbechterinne besser iwwert hier Rechter opzeklären?

3. Plangt de Ministère, déi genannte Fristen, innerhalb vun deenen ee sech als schwanger Fra géint eng Kënnegung ka wieren, ze verlängeren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten